

Lëtzebuerg, den 17. Januar 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieten ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Wirtschaftsminister, den Här Minister fir Mëttelstand an un d'Madamm Justizministesesch weiderzeleeden:

„Genee wéi 2020 ass d'Zuel vun de Faillitten och am Joer 2021 relativ stabel bliwwen. Déi gefaarte Well un Insolvenzen ass also och am zweete Joer vun der Pandemie ausbliwwen. Intressant ass et awer, datt am Bausecteur d'Failliten geklomme sinn, an dat trotz exzellenter Konjunktur.

An deem Kader wollt ech dem Här Wirtschaftsminister, dem Här Minister fir Mëttelstand an der Madamm Justizministesesch folgend Froe stellen:

- *Wat sinn d'Ursaache vun den Insolvenzen am Bausecteur?*
- *A wéi engem Mooss huet d'Pénurie u Baumaterial, bedéngt duerch d'Corona-Pandemie, eventuell zu dëser Hausse bäigedroen ?*
- *Wéi entwéckelt sech de Bausecteur de Moment: kënn et do éischer zu enger Konzentratioun vu wirtschaftlecher Muecht an den Hänn vun e puer grousser Betriber, oder bleift de Secteur weiderhinn staark konkurrenzuel?* “

Mat déiwem Respekt,

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

A handwritten signature in blue ink, appearing to read 'André Bauler', with a stylized flourish at the end.

André BAULER
Deputierten